ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

D'Ukrain ass een Hotspot am transnationale Marché fir Leihmutterschaft (GPA). Op der ganzer Welt profitéiere Koppelen, déi net selwer Eltere kënne ginn, vun der bëlleger reproduktiver Aarbecht vu jonke Fraen an dësem osteuropäesche Land, dat säit dem 24. Februar 2022 am Zentrum vun der Weltëffentlechkeet steet. No ënnerschiddleche Berechnunge bezilt eng Koppel fir ee Puppelchen, deen an der Ukrain ausgedroe gëtt, tëscht 40.000 a 60.000 Euro. Mam Krichsausbroch vu virun dräi Wochen ass ongewëss, wéi vill där Puppelcher am Ablack an der Ukrain drop waarden, ofgeholl ze ginn, a wéi et mat de Fraen, déi dës Kanner ausgedroen hunn oder ausdroen, weidergoe soll. Et ass domat ze rechnen, datt vill vun dëse Frae versiche wäerten d'Land ze verloossen.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

1) Huet d'Regierung Zuelen oder ginn et Schätzungen, wéi vill Koppelen, déi hei am Land wunnen, am Ablack op ee Puppelche waarden, deen an der Ukrain ausgedroe gëtt oder an deene leschte véier Wochen ausgedroe gouf?
2) Ginn et Indicatiounen, datt ukrainesch geléinte Mammen am Ableck als Refugiée zu Lëtzebuerg sinn?
3) Gëtt eng ukrainesch geléinte Mamm, déi hei am Land accouchéiert, rechtlech als Mamm vum Kand ugesinn? Wa jo, gëlt dat souwuel fir Fraen, déi biologesch d'Mamm vum Kand sinn, wéi och fir Fraen, déi net genetesch Famill mam Kand sinn, déi also een Embryo agesat kruten, deen duerch kënschtlech Befruchtung produzéiert gouf?
4) Huet d'Fro, ob d'ukrainesch Fra, déi hei am Land als geléinte Mamm ee Kand ausdréit, genetesch mam Puppelche Famill ass oder net, een Afloss dorop, wat mam Puppelche geschitt? Géing esou e Kand hei am Land un déi Persounen iwwergi ginn, déi d'Kand bestallt hunn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten